N°2494
Entrée le 03.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°2494 vum 20. Juni 2025 vun den honorabelen Députéierte Mars Di Bartolomeo an Dan Biancalana zum Sujet "Contrôles belges aux frontières et impact sur le Luxembourg".**

D'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung géintiwwer Kontrollen un de Bannegrenzen am Schengen-Raum ass onverännert: Lëtzebuerg trëtt an fir d'Anhale vum Schengen-Ofkommes an ass deemno géint Grenzkontrollen a fuerdert verschäerfte Kontrollen un de Baussegrenzen vum Schengen-Raum.

Wéi am Pressecommuniqué vum Inneministère vum 20. Juni matgedeelt, si keng Kontrollen un de Grenze mat der Belsch virgesinn, an och net hannert de Grenzen, op belschem Territoire:

*"À la suite d'un échange entre Léon Gloden et le ministre de la Sécurité et de l'Intérieur belge, Bernard Quintin, celui-ci lui a confirmé qu'il n'y aurait pas de contrôles aux frontières entre la Belgique et le Luxembourg. Son homologue lui a par ailleurs assuré qu'il n'y aurait pas non plus de contrôles à l'intérieur de la Belgique à proximité du Grand-Duché de Luxembourg.".*

Doriwwer eraus steet den Inneminister a reegelméissegem Kontakt mam belschen Inneminister.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN